# Franz Fayot



Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten
Wirtschaftsminister

© SIP/Yves Kortum

De Franz Fayot ass den 28. Februar 1972 an der Stad Lëtzebuerg gebuer.

## Studium an Ausbildung

No sengem Secondairesstudium am Stater Kolléisch studéiert de Franz Fayot Droit zu Lëtzebuerg an zu Paräis. Hie schléisst säi Studium 1996 mat engem DEA (diplôme d'études approfondies) am Wirtschaftsrecht op der Universitéit Paris I Panthéon-Sorbonne of.

## Regierungsfunktiounen

No der Regierungsëmbildung vum 4. Februar 2020 trëtt de Franz Fayot an d'Koalitiounsregierung vun DP, LSAP an déi gréng an. Hie gëtt zum Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten a Wirtschaftsminister ernannt.

## Aner politesch Funktiounen

De Franz Fayot ass säit 1994 Member vun der LSAP a gëtt 2019 LSAP-Parteipresident.

2013 an 2018 gëtt de Franz Fayot als Kandidat op der LSAP-Lëscht am Bezierk Zentrum an d'Chamber gewielt. 2015 war hie Budgetsrapporter an huet sech besonnesch mat den Themen ëffentlech Finanzen, Kulturpolitik, sozial Gerechtegkeet an Aarmut beschäftegt.

## Beruffstätegkeet

Vun 1997 bis zu sengem Antrëtt an d'Regierung ass de Franz Fayot als Affekot um Barreau de Luxembourg täteg.

*www.gouvernement.lu*

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

September 2022